N°1250
Entrée le 30.09.2024
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 30.09.2024
Chambre des Députés

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 30/09/2024

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Bildung, Kanner a Jugend weiderzeleeden.**

D'Educatioun stellt e kruziale Secteur an all demokrateschem Land duer, fir dass eng Gesellschaft iwwert mëndeg an emanzipéiert Bierger verfüügt. Dozou gehéiert an enger moderner inklusiver Welt och d'Beschoulung vu Kanner mat spezifesche Besoinen oder mat engem Handicap. Et ass indispensabel, dass dës schoulflichteg Kanner a Jonker op ee qualitativ a strukturell gudden Enseignement zréckgräife kënnen. An dësem Sënn sinn d'Centres de compétence en psychopédagogie spécialisée an d'Liewe geruff ginn. No hirer Grënnung hunn d'Aarbechtskonditioune vun den Enseignanten (Professeren esou wéi Léierinnen a Schoulmeeschteren) a vum Personnel éducatif et psycho-social Froen opgeworf.
An der Äntwert op meng parlamentaresch Fro vum 17. Januar 2019 hat den Educatiounsminister drop higewisen, datt a Bezuch op d'Tâche vum personnel socio-éducatif eng déifgräifend Analys vun de legale Kaderen misst virgeholl ginn, fir uschléissend legiferéieren ze kënnen. No iwwer 5 Joer ass dëse Projet viru Kuerzem ofgeschloss ginn. Elo muss d'Ëmsetzung um Terrain beobacht ginn, fir dëse laangwierege Prozess ofschléissend beurteelen ze kënnen.
An der selwechter Äntwert hat den Educatiounsminister 2019 och erkläert, datt d'Tâche vun de Professeurs an de Centres de compétences duerch de Règlement grand-ducal modifié du 24 juillet 2007 portant fixation de la tâche des enseignants des lycées et lycées techniques an d'Tâche vun den Instituteurs duerch de Règlement grand-ducal modifié du 23 mars 2009 fixant la tâche des instituteurs de l'enseignement fondamental gereegelt wier.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Kann de Minister bestätegen, datt aktuell d'Tâche vun de Professeurs an de d'Centres de compétence en psychopédagogie spécialisée nach ëmmer d'selwecht definéiert ass ewéi d'Tâche vun de Proffen an de Lycéeën?
    - Am negative Fall: Wat ass d'Base légale vun der Tâche vun de Proffen an de Centres de compétences?
    - Am affirmative Fall: Ginn ënnerschiddlech Koeffizienter ugewant an der Berechnung vun den Tâche vun de Proffen an de Centres de compétences oder huet all Leçon de Koeffizient 1?
    - Weider am affirmative Fall: Si méiglech Déchargen identesch mat deenen, déi fir d'Lycéeë virgesi sinn? Gëtt et zousätzlech Déchargen, déi net am entspriechende Règlement grand-

ducal virgesi sinn? Wa jo, wéi eng sinn dat a wou sinn se festgeschriwwen?

2. Am Fall, wou et Décharge ginn, op wéi eng Aart a Weis ass festgehalen, wéi vill Déchargen déi eenzel Centres de compétences zur Verfügung hunn?

3. Kann de Minister bestätegen, datt aktuell d'Tâche vun den Instituteurs an de Centres de compétence en psychopédagogie spécialisée nach ëmmer d'selwecht definéiert ass ewéi d'Tâche vun den Instituteurs am Enseignement fondamental?
   - Am negative Fall: Wat ass d'Base légale vun der Tâche vun den Instituteurs an de Centres de compétences?
   - Am affirmative Fall: Sinn d'Activités dans l'intérêt du fonctionnement de l'école an d'Activités dans l'intérêt de l'enseignement en général an de Centres de compétences déi selwecht ewéi an der Grondschoul?

4. Si méiglech Déchargen identesch mat deenen, déi fir den Enseignement fondamental virgesi sinn? Gëtt et zousätzlech Déchargen, déi net am entspriechende Règlement grand-ducal virgesi sinn? Wa jo, wéi eng sinn dat a wou sinn se festgeschriwwen?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Deputéierten

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

**Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, Claude Meisch, op d'parlamentaresch Fro Nr. 1250 vum honorabelen Deputéierte Sven Clement**

D'Tâche vun de Proffe vun de Centres de compétences en psycho-pédagogie spécialisée, déi ënnerriichten, ass identesch zu där vun de Proffen an de Lycéeën, esou wéi am Règlement grand-ducal vum 24. Juli 2007 virgesinn (*Règlement grand-ducal modifié du 24 juillet 2007 portant fixation de la tâche des enseignants des lycées et lycées techniques*). All Leçon huet de Koeffizient 1 a méiglech Dechargë sinn och identesch mat deene vun de Proffen am Lycée. Wann de Proff aus dem Centre de compétences allerdéngs aner Missiounen assuréiert, déi méi een administrative Charakter hunn (wéi z. B. Diagnostik, Berodung oder Weiderbildung), da gëllen hei d'Bestëmmungen, déi fir dës Aufgabe virgesi sinn.

Bei den Instituteurs vun de Centres de compétences en psycho-pédagogie spécialisée, déi Schoul halen, ass d'Tâche identesch zu der Tâche vun den Instituteurs am Enseignement fondamental, esou wéi se am Règlement grand-ducal vum 23. Mäerz 2009 festgeluecht gëtt (*Règlement grand-ducal modifié du 23 mars 2009 fixant la tâche des instituteurs de l'enseignement fondamental)*. Dat selwecht gëllt fir méiglech Dechargen, gradewéi fir d'Activités dans l'intérêt du fonctionnement de l'école an d'Activités dans l'intérêt général de l'enseignement. Wéi bei de Proffe vun de Centres de compétences, ginn et och Instituteurs vun de Centres de compétences, déi net nëmme Schoul halen, mee och nach aner Funktiounen hunn. Och do gëllen dann d'Bestëmmungen, déi fir dës jeeweileg Funktioune virgesi sinn.

Lëtzebuerg, den 13. November 2024

De Minister fir Educatioun,
Kanner a Jugend

(s.) Claude MEISCH